N°1830
Entrée le 10.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 1830 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Compétences du CGDIS dans la circulation routière"**

Am Artikel 115, a) a b), vum Code de la route[1], gëtt präziséiert, wie fir d'Kontroll vum Verkéier zoustänneg ass. Et ass engersäits d'Police, déi eng allgemeng Kompetenz an dësem Beräich huet, an et sinn anerersäits d'Beamte vun der Douane, souwäit hir Aufgabe betraff sinn.

Dës Interpretatioun geet aus de reglementareschen Aarbechtsdokumenter ervir[2]. Heiraus ergëtt sech dann och, datt weder d'Gemengebeamten nach d'Beamte vum *Corps grand-ducal d'incendie et de secours* (CGDIS) an dësem Beräich eng Kompetenz hunn.

Wat d'Gemengebeamten ugeet, sou sinn si nëmme fir de Stationnement zoustänneg, de sougenannten « rouende Verkéier », mee net wann et drëms geet, de fléissende Verkéier ze reegelen oder ze kontrolléieren.

Wat déi fräiwëlleg an haaptamtlech Pompjeeë vum CGDIS ugeet, sinn hir Missioune ausdrécklech am ofgeännerte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 *portant organisation de la sécurité civile* definéiert. D'Kontroll vum Verkéier fält net dorënner.

Allerdéngs kann et zum Beispill am Fall vun engem Verkéiersaccident virkommen, dass d'Pompjeeë vum CGDIS, nieft der Ofsécherung vun der Plaz wou den Accident geschitt ass, zum gudden Oflaf vum Verkéier bäidroen, besonnesch fir sech selwer ze schützen an ze verhënneren, datt en aneren Accident geschitt. Dëst ass awer net als "Kontroll vum Verkéier" unzegesin. Op Basis vun den Dispositioune vum Paragraf 2 vum Artikel 115 vum Code de la route, sinn nëmmen d'Beamten, déi fir d'Kontroll vum Verkéier zoustänneg sinn, autoriséiert, Uweisungen un d'Verkéiersbenotzer ze ginn, un déi si sech och hale mussen. Nëmmen dës Uweisunge sinn als "Kontroll vum Verkéier" ze betruechten.

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden

[1] **Art 115.** 1. Les usagers doivent s'arrêter à toute réquisition
**a) des agents chargés du contrôle de la circulation,**
**b) des agents de l'Administration des douanes et accises** contrôlant les dispositions légales relatives soit à la vignette prévue par la législation portant approbation et application de l'accord relatif à la perception d'un droit d'usage pour l'utilisation de certaines routes par des véhicules utilitaires lourds, soit à la surcharge des véhicules, soit aux documents de bord et d'équipements spéciaux des véhicules destinés à transporter ou à utiliser comme carburant des matières pouvant présenter un danger pour la sécurité, la salubrité ou la santé publiques, soit qui agissent dans le cadre des fonctions qui leur sont conférées par la législation sur les services de taxis, lorsque ces agents portent les insignes de leur fonction; ces insignes doivent être visibles sans confusion possible de jour comme de nuit.

[2] Avis du CE du 17 janvier 2012 au projet de règlement grand-ducal n° CE 49.335, « *Les corps administratifs visés sont la Police grand-ducale, qui détient une compétence générale pour régler la circulation et pour donner les injonctions prévues à cet effet, et l'Administration des douanes et accises qui a compétence pour arrêter des véhicules routiers dans le cadre des missions légales précitées. En attendant que le législateur consente éventuellement une extension de ces prérogatives à d'autres catégories d'agents (cf. projet de loi relatif à l'élargissement des compétences des agents municipaux et portant modification de la loi communale du 13 décembre 1988, du Code pénal et des dispositions législatives concernant les gardes champêtres et avis afférent du Conseil d'Etat du 19 janvier 2010; doc. parl. 5916 et 5916 1), il convient de maintenir le cadre légal en place* ».